# HELPERKNAPP

ZESUMME FIR DE GUDDEN ZWECK




## 22. Abrëll 2023 zu Béiwen / Atert

# CENTRE DE PROMESSES HELPERKNAPP

beim Centre Culturel Lëtschert

@TelevieHelperknapp

HELPERKNAPP

ZESUMME FIR DE GUDDEN ZWECK




# WICHTEG INFORMATIOUNEN

# INFORMATIONS UTILES

## Parking

Dat Ganzt fënnt beim Centre Lëtschert zu Béiwen/Atert statt. Deementspriechend si vill Stroosse gespaart a Parkplaze ronderëm de Site si ganz limitéiert. Dofir hu mir Navetten organiséiert déi de ganzen Dag iwwer fueren an Iech gemitterlech op d'Plaz bréngen. De genaue Plang fannt Dir op der Säit 26 an dëser Broschür.

L'évènement se déroulera autour du centre Lëtscherter à Boevange/Attert, ce qui implique que le site sera difficilement accessible en voiture. C'est pour cela que nous avons mis en place un réseau de navettes pour vous rendre sur le site. Retrouvez le planning complet des navettes sur la page 26 de cette brochure.

**Parking mobilité réduite: 1, am Lëtschert**

## Bezuelen um Site

D'Bezuelen um Event sëlwer geet iwwert en obluedbare Badge. Déi kritt Dir an der Keess géint eng Kautioun vun 3 Euro.

Dëse kënnt Dir dann an de Keesen oplueden, per Kaart, Payconiq oder Boergeld

## Système de paiement sur site

Le paiement se fera via un badge rechargeable. Celui-ci est disponible dans les caisses contre une caution de 3 Euros.

Vous pourrez le charger dans les caisses par carte, Payconiq ou en espèces.

@TelevieHelperknapp

**MAACHT EEN DON**

**Gitt der Hoffnung ENG CHANCE**

**Konto BCEE LU63 0019 7255 1111 5000**



## Léif Leit,

Och wa mir relativ spéit als Télévie-Zenter dobäi komm sinn, ass et dach grad d'Zäit déi beim Kriibs eng wichteg an elementar Roll spillt! Et ass genau déi, wou de Mënschen, déi vu Kriibs betraff si feelt an um Enn dach dat wichtegst ass. Sou kuerz dës och ass, sou wäertvoll soll ee mat däser ëmgoen. A genau dat ass et wat eis, als Organisatiounscomité, wichteg war, wéi mir d'Ufro fir en Télévie-Zenter ze stelle kritt hunn.

Et ass eng immens flott Erfarung ze gesi wéi d'Solidaritéit bei eis souwuel am Comité wéi och an der Gemeng gewuess ass, fir den Télévie-Dag 2023 fir jiddereen onvergiesslech ze maachen.

Vill Zäit hu mir an de leschte Méint matenee verbruecht fir eppes Flottes op d'Been ze stellen an esou e beschtméiglechen Don kënnen ze erreeche fir esou eise Bäitrag an der Lutte géint de Kriibs kënnen ze leeschten.

Op däser Plaz en décke Merci un eis Veräiner, déi ouni ze wësse wat genau ob si duerkënnt net gezéckt hunn fir eng Hand mat unzepaken an hier Hëllef ugebueden hunn fir dëst wichtegt Evenement mat ze organiséieren.

Merci och un d'Gemeng Helperknapp an hir Mataarbechter fir d'Ënnerstëtzung bei allem wat mir ëmgesat hunn.

Zu gudder lescht e ganz grousse Merci un Iech, léif Leit, ouni Iech wier et keen Erfolleg ginn!

Mir perséinlech ass et immens wichteg sech fir d'Solidaritéit an d'Generositéit anzesetzen an Iech alleguer e flotten Télévie-Dag ze organiséieren. Niewent de villen neie Leit, déi ech wärend de leschte Méint konnt kenneléieren ass et fir mech eng Freed dozou bäizedroen d'Kriibsfuerschung ze ënnerstëtzen an de Betraffene soumat méi Zäit ze gënnen, Zäit déi fir si besonnesch wichteg ass an déi si zu all Moment solle kënne genéissen.

**Jean SADLER**
President vum Organisatiounscomité
Télévie-Zenter Helperknapp 2023




JMS

3 Rue de Hollenfels
L-7481 TUNTANGE

Tél.: +352 23 63 20 – 1
E-mail: contact@jms.lu

Foyer

**Pit MANGEN**
Agence Principale d'Assurances

Redange-sur-Attert



## Léif Alleguer,

Leider ass de Kriibs nach ëmmer eng ganz schlëmm Krankheet, déi jidderee vun ons kann onerwaart treffen. Fir grad dëse Mënschen ze hëllefen, déi all Dag géint dës grausam Krankheet kämpfen an déi ganz besonnesch ons Opmierksamkeet brauchen, solle mir hinnen duerch eisen Asaz a mat finanzielle Mëttelen, nei Hoffnung schenken.

D'Lëscht Joer hunn mir 20 Joer Télévie hei zu Lëtzebuerg gefeiert. Et war fir mech einfach nëmmen Héngerhaut puer, wéi ech um Ënn vun der Télévie-Emissioun de Spende Compteur vun 2.060.211,00 € konnt annoncéieren.

Dës Rekord Zomm ass un déi Kriibs-Projete verdeelt ginn, déi an der Commission Scientifique Internationale gewielt an zeréckbehale gi waren. Fir Lëtzebuerg sinn an dëser Kommissioun d'Doktere Mario Dicata a Guy Berchem vertrueden. Déi Don'en déi hei zu Lëtzebuerg gesammelt ginn, ginn och nëmmen un d'Laboe vun der Recherche géint de Kriibs hei zu Lëtzebuerg. D'Publikatioun vun dëse 14 Projete kënnt Dir um Site www.televie.lu ënnert der Rubrik “Publikatiounen” noliesen. Nëmmen esou kann d'Recherche hei zu Lëtzebuerg, also duerch Är Spenden, weidergoen.

Elo sti mir erëm kuerz virun der Télévie Soirée a kënnen dëst Joer op d'Ënnerstëtzung vun de Centres de Promesses aus de Gemengen Déifferdeng, Helperknapp a Schëtter an natierlech dem Centre de Promesses Permanent Rodange zielen. De lëscht genannten Zenter ënnerstëtzt ons elo schonn 20 Joer, an dofir soen ech Iech villmools Merci a grousse Respekt un Iech all.

Mir hunn a mir ginn alleguer ëmmer onst Bescht fir dass, duerch d'Fuerschung, all déi betraffe Leit de Kampf géint dës fuerchtbar Krankheet gewannen. Wat mir immens vill bedeit, ass dass an all dëser viller Aarbecht, keen de Sënn an Zweck vum Télévie vergësst. Jidderee vun ons ass gefrot, a jidderee kann säin Deel bei der Lutte géint de Kriibs bäidroen.

Ech wënsche mir vun Häerzen dass Dir alleguer gesond bleift, a fir déi di krank sinn, dass Dir erëm ganz schnell gesond gitt! Dir gitt net op, mee mir och net, a mir sammele weider mat vill Energie an Häerzblutt Don'en fir de groussen Télévie-Dag.

Dat ganzt Joer iwwer sinn ech iwwerall esou léif an häerzlech empfaange ginn. Ech soen Iech dofir e ganz grousse Merci, Merci fir Ären onermiddlechen Asaz! Ech wënschen Iech ganz vill Succès a mir gesinn ons mat ville Membere vun der Fondatioun Kiwanis, den 22. Abrëll 2023 an Ärem Centre de Promesses.

**Diane WUNSCH**
Coordinatrice Télévie Lëtzebuerg



steffen holzbau

steffen-holzbau.lu

Steffen Holzbau S.A.
13, rue de Flaxweiler
L-6776 Grevenmacher
T +352 719686-0
info@steffen-holzbau.lu

DEPUIS 1901

Muller & Wegener
www.mullerwegener.lu

FOURNISSEUR DE LA COUR

Papier & Façonné - Ecriture & Marquage
Fourniture & Equipement de Bureau
Mobilier de Bureau - Classement & Archivage
Fourniture Informatique - Machine de Bureau - Présentation
Emballage & Expédition - Hygiène & Restauration
Dessin & Bricolage - Printing Services

69, rue de Bouillon
L-1248 Luxembourg

Tél.: (+352) 48 49 49-999
Fax: (+352) 48 49 49-200

mw.vente@mullerwegener.lu
www.mullerwegener.lu

www.schilling.lu

› +352 92 06 26-1
› entreprise@schilling.lu

3 Kierfechtstrooss
L-9749 Fischbach / Clervaux
Luxembourg

SCHILLING
CONSTRUCTION • TERRASSEMENT • BÉTON

## Virwuert vum Dr Guy Berchem



Zwanzeg Joer no senger Grënnung ass den Télévie och dëst Joer erëm d'Geleeënheet fir Iech all en decke Merci ze soe fir är Méi an är Aarbecht déi dir dëser Aktioun consacréiert. Wéi der wësst kéinten ons Laboen hei zu Lëtzebuerg bei wäitem net dat leeschte wann den Télévie, wann Dir net do wäert. Dofir géing ech gär an e puer Wieder drop agoe wéi déi Sue gebraucht ginn.

D'Suen ginn hei zu Lëtzebuerg um Konnt vun der Fondatioun Kiwanis - Télévie gesammelt deen ons d'« Utilité Publique » garantéiert. Dann kommen se mat deene Belsche Suen zesummen op en Konnt vum Fonds National de la Recherche Scientifique op Bréissel. Dann gi vun de Lëtzebuerger Equippen d'Recherche Projete geschriwwen a beim Fond National an der Belsch (FNRS) agereecht. Deen FNRS organiséiert eng Kommissioun vun internationalen (USA, Frankräich, Däitschland, Belsch…) Experten déi all d'Projeten ënnersichen. An der Kommissioun ass Lëtzebuerg duerch de Prof. Mario Dicato a mech vertrueden. Déi beschte Projete ginn erausgewielt, an et ginn nëmme Lëtzebuergesch Projete mat Lëtzebuergesche Sue bezuelt, an all Lëtzebuergesch Sue kommen esou erëm am d'Land zeréck.

Hei zu Lëtzebuerg maachen ons Equippen d'Recherche mat deene Suen an hire Laboen. Déi Equippe publizéieren hier Recherche an internationalen Zäitschréften. Dat sinn der an der Moyenne eng 20-30 d'Joer déi mat Fonge vum Télévie esou entstinn. D'Sujeten op deene mir schaffe geet vun der Leukemie bis zum Hautkriibs, a Broscht a Longekriibs net ze vergiessen.

An deene leschte Jore konnte mir grâce au Télévie, z.B. an der Immuntherapie bei mir am Labo grouss Decouvertë maachen, déi amgaange sinn den Traitement a verschiddene Kriibszorte komplett ze veränneren. Zum Beispill hu mir un enger Manéier geschafft fir verschidden Tumeuren déi net op Immuntherapie reagéieren oder resistent gi sinn, erëm dorop sensibel ze maachen.

Ech well awer nach eng Kéier betounen dass dat alles ouni är Méi an är Hëllef net méiglech wier an dofir soen ech iech alleguer am Numm vun allen Chercheure villmools Merci.

**Prof. Guy BERCHEM**




Votre Agence
Mersch

Chef d'agence :
Mike Schaefer

Centre Marisca
L-7560 Mersch
Tél. : (+352) 4015-1
age.mer@spuerkeess.lu

Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome, 1, Place de Metz, L-1930 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B30775

SPUERKEESS

Your Bridge to Life

MIXVOIP
More ways to connect

www.mixvoip.com

## Le comité se présente



*De gauche à droite: Tanja ASSELBORN, Marc MANNES, Diane KLEIN, Jeff SCHEIDWEILER, Jean SADLER, Yves MUNCHEN, Nancy JANS, Gérard WESTER, Laetitia STROTZ, Joske VOSMAN, Silene RODRIGUES, Frank CONRAD Absent : Luc DEVAQUET*

Jean SADLER, Président
Nancy JANS, Vice-Présidente
Marc MANNES, Secrétaire
Luc DEVAQUET, Trésorier
Tanja ASSELBORN, Membre
Frank CONRAD, Membre
Diane KLEIN, Membre
Yves MUNCHEN, Membre
Silene RODRIGUES, Membre
Jeff SCHEIDWEILER, Membre
Laetitia STROTZ, Membre
Joske VOSMAN, Membre
Gérard WESTER, Membre

HELPERKNAPP
ZESUMME FIR DE GUDDEN ZWECK

télévie

RINNEN
CONSTRUCTIONS GENERALES
www.rinnen.lu
25, Ëlwenterstrooss | L-9946 BINSFELD
ENERGIE FIR D'ZUKUNFT
MADE IN LUXEMBOURG




WICKLER

# Ateliers | Workshops

## Kundalini Yoga mam JessyXenia

- 07.00 - 08.00 Auer: bannen oder baussen (Wieder ofhängeg)
  intérieur ou extérieur (selon météo)
- max 20 personnes, premier arrivé, premier servi
- Yogamatt matbréngen | amener un tapis de yoga

## ZUMBA mam Charline Nosbusch

- 10.00 - 11.00 Auer: bannen
- fir Grouss a Kleng! | pour adultes et enfants!
- Sportskleeder an Halesportschung | tenue sportive et chaussures adaptées

## Bididu Team - 6 Stonnen Vëlo-Course

- 10.00 - 16.00 Auer
- Start ass um 10.00 Auer virum Pompjeesbau zu Béiwen.
  Umeldungen online iwwert www.bididu.lu. Weider Informatiounen:
- départ à 10 heures près du centre CGDIS de Boevange/Attert
  inscriptions et informations en scannant le code QR:

## Spray Workshop mam Jean-Claude Schmitz

- ab 13.00 Auer: fir Grouss a Kleng!
  pour adultes et enfants!

## Hip-Hop Workshop mam Dj Ciano

- 14.00 - 15.00 Auer: fir Grouss a Kleng! | pour adultes et enfants!
- Sportskleeder | tenue sportive adaptée

## Qi Gong Workshop

- 14.00 - 15.30 Auer: bannen / en intérieur
- Qi Gong, Übunge fir d'Präventioun vu Stress a Krankheet an der traditioneller chineesescher Medezin
- Qi Gong, un art de détente pour la prévention du stress et de la maladie dans la médecine traditionnelle chinoise millénaire

## Yoga Workshop mam Klaud Houtmann

- 15.00 - 16.00 Auer: bannen oder baussen (Wieder ofhängeg)
  intérieur ou extérieur (selon météo)
- Umeldung | inscription – SMS au 661 534 808
- Yogamatt matbréngen | amener tapis de yoga

INTER CONCEPT ELECTRO
WELTER MICHEL

| ELEKTROTECHNIK |
| ALARM- UND SICHERHEITSTECHNIK |
| ANTENNENTECHNIK | LICHTTECHNIK |

32 i, rue de Niederpallen
L-8506 Redange
T 26 88 02 09 | info@electro.lu

www.electro.lu



BESTER AUSBILDUNGS-BETRIEB LUXEMBURGS 2022.

AlphaBau.lu





Let us *brain* your communication to life!

Stratégie, Contenu, Communication,
Réseaux sociaux, Presse, Événementiel

brain&more
agence en communication
Creative thinking, captivating achievements

T (+352) 26 84 71 - 1 moien@brain.lu brain.lu

MADE IN LUXEMBOURG

# Show | Divertissement

## Lanz Team Lëtzebuerg – Oldtimer Traktertour

- Depart um 9.00 Auer | Retour no 14.00 Auer
- Kommt déi al Traktere bewonneren
  Venez admirer les anciens tracteurs

## Passage DHL Velo-Tour

- 10.00 - 10.30 Auer

## Concert Jugendensemble Gemeng Helperknapp

- 11.00 Auer

## Passage Télévie Motostour vum Motoclub Kayldall

- Arrivée 11.30 Auer | Départ 13.30 Auer

## Apéro Concert Musek Gemeng Helperknapp

- 11.45 Auer

## DreamTeam 2.0 - Indiaca Showmatch

- 12:00 Auer
- Kommt d’Spiller ufeieren | Venez encourager les joueurs

## Jugendpompjeeën CGDIS - Virféierung | Démonstration

- 14.00 Auer

## Concert Larry Bonifas - Human Jukebox


© Caroline Graas

- 13.15 - 14.45 Auer

## Concert BC One & APE

- 15.00 - 16.00 Auer

## Concert Greyhounds 59



- 16.30 - 18.30 Auer

## Concert Saxitude

- 18.45 - 20.00 Auer

## Concert Neretva




- 20.00 - 21.30 Auer

# De Kampf géint Leukemie

ass en Ekippe-Sport



télévie

**Samschdes, den 22. Abrëll 2023**

**De Plooschter Projet ass an all «Centres de promesses»**

Helperknapp, Schëtter, Déifferdeng, Rodange

**LOOSST IECH REGISTRÉIEREN A RETT E LIEWEN!**

Plooschter Projet

**Plooschter Projet asbl**
30, rue du Cimetière
L- 3715 Rumelange

info@plooschterprojet.lu
Tel.: +352 621 69 51 55
CCPLULL **PLOOSCHTERPROJET**
IBAN LU67 1111 7033 0252 0000

All 15 Minutte kritt z.B. an Däitschland ee Mënsch d‘ Diagnos: Leukemie, eng Krankheet, déi jidderee kréie kann, ob Sportlerin, Kolleeg, Frënd/Frëndin oder Familljemember. Déi Krankheet ass dacks heelbar, mee vill vun de Kranke brauchen, fir kënnen z'iwwerliewen, eng Stammzellentransplantatioun. Dofir brauche mir dech am Kampf géint de Bluttkriibs. Vläicht si genee deng Stammzellen d‘ Rettung fir e Bluttkriibspatient.

**D' Bedingunge fir Stammzellespender ze ginn:**

1. Tëschent 18 a 40 Joer hunn (ab 16 mam Averständnes vun den Elteren). Wann een eemol registréiert ass, kann ee bis 60 Joer Stammzelle spenden.
2. Maximum 2 Schwangerschafte gehat hunn (Feelgebuerten ageschloss).
3. Méi schwéier wéi 50 kg sinn.
4. Gesond sinn (dofir muss de Froebou ausgefëllt ginn).
5. Sech Blutt huele loossen oder eng Spautprouf maachen.
6. Lëtzebuerger bzw. däitsch Nationalitéit / Wunnsëtz hunn.

## GËFF OCH DU STAMMZELLESPENDER & RETT LIEWEN


Wann s du d'Krittären erfëlls, da kanns du op der Plaz eng Bluttanalys maache loossen. Domat kënns du dann an déi weltwäit Datebank a bass domat disponibel, fir engem Mënsch mat Bluttkriibs eng Chance op d´Iwwerliewen ze ginn.

All weider Froe kriss du nach op der Plaz beäntwert. Du fënns eis och op eisem Internetsite www.plooschterprojet.lu an op Facebook. Mir freeën eis op dech an hoffen eng grouss Unzuel u Leit mobiliséiert ze kréien!

Join the team
**SAVE A LIFE**
www.plooschterprojet.lu

payconiq


WC
SPILL
ARENA
WC
télévie
CENTRE
CULTUREL
HELPERKNAPP
ZESUMME FIR DE GUDDEN ZWECK
télévie
PARKING
MOTOTOUR



PARKING
télévie
Haaptbühn
Iessstänn
Gedrénksstänn
Keess
Spillarena
Indiaca Showmatch
Expo Trakteren
Parking Velotour
Parking Mototour
WC
WC mobile
Plooschter Projet Zelt
Maartstänn
Poste de secours
Navette
PARKING
Parking PMR
Stroossespär


télévie
MOTOSTOUR
22 AVRIL
2023
15ÈME ÉDITION
MOTO-CLUB KAYLDALL
MCK
LUXEMBOURG
22 AVRIL 2023
Organisateur:
MOTO-CLUB KAYLDALL
MCK
LUXEMBOURG
OBERKORN
Inscription: à partir de 09:00hrs / Départ: 10:00hrs
HELPERKNAPP
SCHUTTRANGE
RODANGE
DROITS DE PARTICITATION
15.00€
PAR MOTO
Plus d'infos: https://www.televie.rtl.lu
Télévie Letzebuerg
Motoclub Kayldall asbl

# Stroossemaart | Marché de rue

## Aussteller | Exposants

- **Arend Tessy** – Stoffblummen | fleurs en tissu
- **Asselborn-Soisson Thérèse** – Bitzartikelen | articles de couture
- **BEMianGi** – Verschidde selwer produzéiert Saachen (Shampoing, Seef, Gebeess, a villes méi) | divers articles faits maison (shampoing, savon, confiture et encore beaucoup d'autres choses)
- **Distillerie Gansen** – Lëtzebuerger Dräppen | eaux de vie Luxembourgeoises
- **Hobbystand beim Martine** – Bitzartikelen | articles de couture
- **Bastelschwesteren** – Selwergemaache Postkaarten | cartes postales faites main
- **Kürbis - ART** – Dekoratioun aus Kürbissen | décorations à partir de citrouilles
- **Maison Relais / Schoul** – Allerlee gebastelt Artikele vun de Kanner vum Campus Helperknapp | toutes sortes d'articles faits main par les enfants du Campus Helperknapp
- **Plooschterprojet** – Informatiounsstand | stand d'information
- **Steinreich by Myriam** – Gléckskäfer Steng | cailloux porte-bonheur
- **Dammekeeleclub Feelen** – Baackmeschungen | mélanges pour pâtisseries
- **Gilbert Barone** – selwer gemaache Likören a Siropen | liqueurs et sirops faits maison

SOCLAIR
EQUIPEMENTS S.A.
www.soclair.lu

SCHREINEREI
VINCENT
MESSERICH
29, Z.A.E.R. Op der Héi
L-9809 HOSINGEN
Tel.: + 352 26 91 121

SCHALLER
INGÉNIEURS-CONSEILS SARL
6, rue Kummert · L-6743 Grevenmacher
Tél.: 28 77 36 00

## Remise des chèques

à 06.45 heures
à 08.45 heures
à 13.15 heures
à 16.15 heures

**En direct à la télévision à partir de 20.00 heures**




HELPERKNAPP
ZESUMME FIR DE GUDDEN ZWECK




Den Organisatiounskommitee seet alle Sponsoren an Donateure **MERCI** fir hier Ënnerstëtzung.

Le comité d'organisation **REMERCIE** tous les sponsors et donateurs pour leur soutien.



den HEISCHTER s.à r.l.
BÉIER AUS DEM NATURPARK

POLYGONE

KAYSER
CHAUFFAGE - SANITAIRE - CARRELAGE - ÉLECTRICITÉ

32, rue André Duscher · L-6434 Echternach
info@kayser-cs.lu · Tél : + 325 24 51 31 13 · www.kayser-cs.lu



## “Spillarena”

- 2 Sprangschlässer,
- Go-Kart Pist,
- Laserschéissen,
- Geschécklechkeetsspiller,
- Spillplaz,
- Extra Kannertombola mat flotte Präisser (Ausgeloust gëtt um 16 Auer)

## Coin enfants

- 2 châteaux gonflabes,
- piste de Go-Kart
- tire au laser
- jeux d’adresse divers
- aire de jeux
- tombola spéciale pour enfants avec des prix sympas à gagner (tirage au sort à 16.00 heures)

**Iwwert de ganzen Dag sinn an der “Spillarena” flott Aktivitéite fir Kanner virgesinn.**

**Toute la journée des activités ludiques sont proposées pour les enfants dans le « Coin enfants ».**

Snack BIM DEN ECK MEET & EAT PIZZA
3, rue de Luxembourg
L-7412 **BOUR**
**26 10 29 11**
SnackemdenEck

BOUR SHOPPING
ARAL
Reinertz Cl.
T. **30 91 83**
3, rue de Luxembourg
L-7412 **Bour**
ARAL
MiniMarkt
Car-Wash




érs

18, rue Robert Stumper
L-2557 Luxembourg

Tél. +352 29 00 70

E-mail: info@ers.lu

www.ers.lu



# Food village

## BBQ

Grillwurscht | Mettwurscht

Kéiswurscht | Bifana de volaille

Kotlett | Burger 100% boeuf

## an …

Wirschtche mat Sauerkraut | *saucisse avec choucroute*

Frittes

Pizza (Margarita, Salami, Ham, Veggie)

Penne Bolognese

Flammlachs | *saumon au feu de bois*

## Dessert

Kaffisstuff

Wafelen | Eisekuchen | *gaufres*

## Gedrénks | Boissons

Béier-Bar | Heischter & Diekirch | *bar à bières*

Schmit-Fohl-Bar | Crémant & Wäin

Cocktail-Bar

Soft-Bar

KIRSCH LE BOUCHER

Maison Viticole SCHMIT-FOHL Ahn/Moselle

JOS JEAN-MARIE BOULANGERIE & PÂTISSERIE WWW.JJM.LU TÉL.: 88 92 86

BOISSONS WALLERS



D'Navetten fueren ab 9.00 Auer

D'Navette 1,2 an 3 fueren all Stonn.

Les navettes circuleront à partir de 9.00 heures

Les navettes 1, 2 et 3 circulent toutes les heures.

Leschte Retour ass um:
Le dernier retour est à:

Navetten 1 & 2:
22.00 Auer

# NAVETTE 1: BROUCH-BUSCHDORF-OPENTHALT-GREVENKNAPP

| | | |
|---|---|---|
| **Brouch** | **Campus Helperknapp** | 00 |
| Brouch | Kneppchen | 02 |
| Buschdorf | Moul | 03 |
| Buschdorf | Määschhaff | 04 |
| Buschdorf | Helperterwee | 06 |
| Openthalt | Openthalt | 10 |
| Openthalt | Finsterthal | 11 |
| Grevenknapp | Riesenhaff | 12 |
| Grevenknapp | Um ënneschte Knapp | 13 |
| **TÉLÉVIE - Quai 1** | **Centre Atert** | 14 |
| **TÉLÉVIE - Quai 2** | **Centre Atert** | 30 |
| Grevenknapp | Um ënneschte Knapp | 31 |
| Grevenknapp | Riesenhaff | 32 |
| Openthalt | Finsterthal | 33 |
| Openthalt | Openthalt | 34 |
| Buschdorf | Helperterwee | 38 |
| Buschdorf | Määschhaff | 40 |
| Buschdorf | Moul | 41 |
| Brouch | Kneppchen | 42 |
| **Brouch** | **Campus Helperknapp** | 44 |

# NAVETTE 2: TUNTANGE-HOLLENFELS-MARIENTHAL-ANSEMBOURG-BOUR

| | | |
|---|---|---|
| **TÉLÉVIE - Quai 2** | **Centre Atert** | 15 |
| Brouch | Kiercheplaz | 24 |
| Tuntange | Gemeng | 28 |
| Tuntange | Knupp | 30 |
| Hollenfels | Schoul | 34 |
| Hollenfels | Veräinsbau | 36 |
| Marienthal | Marienthal | 42 |
| Ansembourg | Kapell | 46 |
| Bour | Tankstell | 50 |
| Tuntange | Wäisserchen | 53 |
| Tuntange | Duerf | 55 |
| Brouch | Kiercheplaz | 59 |
| **TÉLÉVIE - Quai 1** | **Centre Atert** | 08 |

D'Navetten fueren ab 9.00 Auer

D'Navette 4 a 5 fueren all 30 Minutten.

Les navettes circuleront à partir de 9.00 heures

Les navettes 4 et 5 circulent toutes les 30 minutes.

Leschte Retour ass um:
Le dernier retour est à:

Navetten 3,4 & 5:
21.45 Auer

# NAVETTE 3: KEHLEN-SAEUL

| | | |
|---|---|---|
| **Kehlen** | **P&R Fussball** | 00 |
| Dondelange | Dondelange | 03 |
| Bour | Tankstell | 05 |
| Tuntange | Duerf | 08 |
| Tuntange | Sëllerstrooss | 09 |
| Saeul | Kiëm | 12 |
| **TÉLÉVIE - Quai 1** | **Centre Atert** | 21 |
| **TÉLÉVIE - Quai 2** | **Centre Atert** | 30 |
| Saeul | Kiëm | 39 |
| Tuntange | Sëllerstrooss | 42 |
| Tuntange | Duerf | 43 |
| Bour | Tankstell | 46 |
| Dondelange | Dondelange | 49 |
| **Kehlen** | **P&R Fussball** | 52 |

# NAVETTE 4: MERSCH P&R

| | | |
|---|---|---|
| **Mersch** | **P&R Gare** | 00 |
| Mersch | Stäreplaz | 02 |
| Reckange | Beim Bur | 05 |
| Reckange | Hasbich | 06 |
| Reckange | Barriär | 08 |
| Openthalt | Finsterthal | 10 |
| **TÉLÉVIE - Quai 2** | **Centre Atert** | 15 |
| Openthalt | Finsterthal | 18 |
| Reckange | Barriär | 20 |
| Reckange | Hasbich | 22 |
| Reckange | Beim Bur | 23 |
| Mersch | Stäreplaz | 26 |
| **Mersch** | **P&R Gare** | 28 |
| **Mersch** | **P&R Gare** | 30 |
| Mersch | Stäreplaz | 32 |
| Reckange | Beim Bur | 35 |
| Reckange | Hasbich | 36 |
| Reckange | Barriär | 38 |
| Openthalt | Finsterthal | 40 |
| **TÉLÉVIE - Quai 2** | **Centre Atert** | 45 |
| Openthalt | Finsterthal | 48 |
| Reckange | Barriär | 50 |
| Reckange | Hasbich | 52 |
| Reckange | Beim Bur | 53 |
| Mersch | Stäreplaz | 56 |
| **Mersch** | **P&R Gare** | 58 |

# NAVETTE 5: SCHWEBACH P&R

| | | |
|---|---|---|
| **Schwebach Pont** | **P&R** | 00 |
| Useldange | Beim Gärdner | 04 |
| Useldange | Spuerkees | 06 |
| Useldange | Raiffeisen | 07 |
| Boevange | Uerbel | 11 |
| Boevange | Helpert | 12 |
| **TÉLÉVIE - Quai 1** | **Centre Atert** | 15 |
| Boevange | Helpert | 16 |
| Boevange | Uerbel | 17 |
| Useldange | Spuerkees | 21 |
| Useldange | Beim Gärdner | 22 |
| **Schwebach Pont** | **P&R** | 28 |
| **Schwebach Pont** | **P&R** | 30 |
| Useldange | Beim Gärdner | 34 |
| Useldange | Spuerkees | 36 |
| Useldange | Raiffeisen | 37 |
| Boevange | Uerbel | 41 |
| Boevange | Helpert | 42 |
| **TÉLÉVIE - Quai 1** | **Centre Atert** | 45 |
| Boevange | Helpert | 46 |
| Boevange | Uerbel | 47 |
| Useldange | Spuerkees | 51 |
| Useldange | Beim Gärdner | 52 |
| **Schwebach Pont** | **P&R** | 58 |

# Fotoréckbleck Télévie Soiréeën Helperknapp
# Les soirées Télévie Helperknapp en image

**BÉIERDÉGUSTATIOUN**

















© Fotoen Jos Bill

## UKRAINISCHEN OWEND

















© Fotoen Jos Bill

## WÄINDÉGUSTATIOUN

















© Fotoen Jos Bill

## WHISKYDÉGUSTATIOUN


















© Fotoen Jos Bill & Laetitia Strotz




# MAACHT EEN DON

## Gitt der Hoffnung ENG CHANCE

Konto BCEE LU63 0019 7255 1111 5000

HELPERKNAPP

ZESUMME FIR DE GUDDEN ZWECK

@TelevieHelperknapp